

Evangelium vun Erläichendag C

Lk 9, 11b-17

KONTEXT

Mat dem Evangelium vun Erläichendag C sti mer zimlech um Schluss vum Jesus sengem Ënnerwee-sinn a Galiläa. Elo grad sinn déi Zwieref erëm vun hirer éischer Missioun a si ginn opgefuedert sech aktiv un der sougenanntener « Brotvermehrung » ze bedeelegen (9, 1 -17), de Péitrus mécht elo gläich säi Glawensbekenntnis (9, 20), dat direkt vum Jesus an déi richteg Bunn gelénkt (9, 21f) an op d'Nofolleg vun deem eenzelne bezu gëtt (9, 23ff). An da kënnt d'Epiphanie op engem Bierg (d' « Verklärung », 9, 28-36, si gesinn dem Jesus seng Herrlechkeet a kréie gesot, wien hien ass), den Text vum 2. Faaschtesonndeg C, an deem « vun uewen erof » (an enger Theophanie) wéi d'Ënnerschrëft gesat gëtt ënnert dat, wat grad geschitt ass an an engems d'Richtung weist erop op Jerusalem, de Wee a Richtung Passioun, deen a Lk 9, 51 ufänkt.

D' « Brotvermehrung » ass eng vun den Erzielungen, déi am heefechsten an den Evangelien erëmkënnt : Mt 14, 13ff ; 15, 32ff ; Mk 6, 30ff ; 8, 1ff ; Lk 9, 11ff ; Joh 6, 1ff. Déi éischt Chrëschten hunn also grouse Wäert op dës Erzielung geluecht.

D'Jünger ginn an dësen Erzielungen als Léierbouwen duergestallt (wat dem Lk souwisou en Uleies ass) an et ass wichteg, dës Texter mat engem A op d'A.T. an engem A op d'Liewe vun den éischte Chrëschtgemeinschaften ze liesen : wéi an esou vill Erzielungen aus der Bibel froen si nom Sënn ; hire But ass de Glaw weiderzeginn, an net e Reportage ze maachen (wéi mär z. B. nawell gäre wéissten, ier dann elo do wierklech gringt Gras, cf. Mk 6, 39, op dier Plaz war, oder, an eisem Text, wou si dann elo richteg dru sinn : si sinn an der Géigend vu Bethsaïda, V. 10, mee, si sinn awer och op enger ofgeleeëner Plaz, V. 12, wäit ewech vun lessen an Drénken, asw.). – D'Evangelium vun dësem Sonndeg ass och erëm e Beispill, wéi een sech an Uecht huele soll virun den Titelen, déi dacks an eise Bibelen iwwert de Sequenze stinn.

TEXT

De Jesus huet de Leit vum Herrgott sengem Räich geschwat an déi gesond gemaach, ... (V. 11b):

De Jesus ass engersäits de Léiermeeschter (cf. wéi och a Mk 6, 34) an anerersäits deen, deen d'Leit gesond mécht (wéi och a Mt 14, 14 ; 15, 30), obschonns hien sech jo eigentlech mat de Jünger, déi vun hirer éischer Missioun erëmkomm sinn, zrëckgezunn hat (Vv. 10f).

Wéi den Dag esou lues op Enn gaang ass, sinn ... (V. 12) :

D'Erzielung spillt géint der Owend, wéi och a Lk 24, 29 ; Mt 14, 15 ; Mk 6, 35 ; Joh 20, 19 : vläicht hu mer hei eng Uspillung op d'Zäit, wéini d'Chrëschten zesummekomm sinn. – De Lk ass deen eenzegen, deen d'Jünger bei Leit an der

Emgëigend akéiere loosse wëlt, d.h. sech aquartéiere loosse wëllt : dat ass a Palestina kaum Moud gewierscht, wuël awer bei de Réimer an de Griichen ; vläicht schwätzt de Lk hei tëscht den Zeilen e Problem un, dat seng Gemeinschaft hat.

Hien awer sot zu hinnen : « Gitt dir hinnen z'iessen ! » ... (Vv. 13f) :

D'Jünger sollen dat notzen, wat si hunn, an net anerwäerts siche goen oder d'Verantwortung ofginn. – Domadder haten si wuël net gerechent ! – Déi 5000 Mann (Fraen, Kanner, ... ? cf. Mt 14, 21 – wien hat se gezielt ? ...) sti jo och a krassem Géigesaz zu deene fënnef Brout an zwéi Fësch. (Firwat fënnef Brout ? Vlächicht wéinst de fënnef Bicher vum Moses ? – Firwat zwéi Fësch ? Vlächicht wéinst de Schrëften an de Prophéiten ? – Sinn d'Fësch eng Uspillung op den urchrëschtliche Credo 'Ichtys'/Fësch = 'Jesus Christus, dem Herrgott säi Jong, Retter' ? Mee, firwat wieren et der dann zwéin ?)

De Jesus sot zu senger Jünger : ... (V. 14bf) :

Et wier och duergaangen, wann de Jesus de Leit gesot hätt, si sollten sech einfach sëtzen (wuertwärtlech : 'néierleeën', wéi et bei de Griichen an de Réimer Brauch war fir am Leien z'iessen). D.h. de Lk (wéi de Mk) wëllen op eppes hiweisen : mer hunn hei eng kloer Uspillung un d'Vollek Israel op senger Wanderschaft duerch d'Wüüst : och hei gëtt d'Vollek opgedeelt a Gruppe vun ë.a. 50 Leit (cf. Ex 18, 21.25 ; Num 31, 14 ; Dtn 1, 15 ; cf. och 1Makk 3, 55 ; an an de Schrëfte vu Qumran : an esou Gruppen ass dem Herrgoot säi Vollek ideal organiséiert.) – De Jesus iwwerhëlt also dem Moses seng Roll - an d'Jünger kéinten deemno evtl un déi erënneren, déi fir ze hëllefen agesat goufen - net nëmmen als Léiermeeschter (cf. V. 11b), mee och als Organisateur vum Herrgoot sengem Vollek, mat de Jünger als seng Hëllefen.

De Jesus huet déi fënnef Brout an déi zwéi Fësch geholl ... (V. 16) :

Dat wat de Jesus hei mécht, ass dat, wat de juddesche Papp virum lesse mécht, nämlech merci soe fir d'Brout (an hei och fir d'Fësch) ; dëst Luewgebied erënnert drun, datt Gott sech sengem Vollek senger unhëlt a firwat d'Brout gedeelt gëtt. – Bei de Chrëschten hat dëse Geste duerch dem Jesus säi lescht lesse mat senger Jünger nach eng aner Bedeutung kritt (déi d'Chrëschten natierlech am Hannerkapp hunn, wann si dësen Text an hirer Versammlung geliesen hunn). An anere Wieder : den Text huet duerch dëse Saz och nach eng eucharistesch Fuerw derbäi kritt. (Dat gëtt besonnesch däitlech wann een de Paralleltext a Mt 14 liest, well do dëse Merci an de selweschte Wieder beschriwwen gëtt wéi a Mt 26 !) – An erëm müssen d'Jünger hëllefen ; si musse kucken, datt jiddereen e Stéck kritt. (Den Haaptakzent schéngt op dem Brout ze leien, well d'Fësch kann ee jo schlecht brieche a Stécker dervun oprafen, cf. V. 17.)

Si hu giess a goufen ... (V. 17) :

De Lk schéngt wëllen ze soen : wie vum Jesus duerch d'Jünger d'Brout kritt, bleiwt net hongereg. Et bleiwt es esouguer nach rescht, dat an zwielef Kierf (esou vill wéi et Jünger sinn, a virun déi 12 Stämm Israel) opgeraaft ginn, evtl. fir déi, déi nach nokommen. – Hei hu mer och eng Uspillung un d'Manna (cf. Ex 16, 12 ; Ps 78, 29 ; och Joh 6) an un e Wonner, dat duerch den Elisäus mat der Hëllef vu sengem

Schüler geschitt ass a wou nach Reschter bliwwe sinn (cf. 2Kinn 4, 42-44). – D'Zäit vum Messias Jesus ass eng Zäit vum Iwwerfloss, wou ëmmer nach Leit derbäikomme kënnen. – Ass déi Erzielung hei dann elo déi vun der 'Brotvermehrung' ? Oder déi vum 'Wonner vum Deelee vun deem, wat een eben huet a sief et nach esou wéineg' ? Oder déi vun enger Lektoun fir d'Jünger ? Oder déi vun der Eucharistie, déi op ass fir all déi, déi wëlle kommen ? Oder déi vum Jesus, deem Elementer vum Moses, vum Elisäus, vum Messias a sech vereenegt (cf. och de V. 11b) an evtl. duerch d'Uspilling un säi lescht lessen, si all iwwerbitt? Oder ... – Op jiddfer Fall kënt hannert dëser Erzielung am Lk direkt dem Péitrus säi Credo, wien de Jesus ass.

(Fränz Biver-Pettinger)